
# E Schofsbréif

Wann den Hirt schreift, kënnen hautjesdaags d'Schof äntweren. An dat esou guer ganz ouni Gefor. Dat war nët ëmmer esou.

Den Här Fernand FRANCK hält eis fir Schof, vun denen hien den Hirt wëllt sin. E schreift eis e Bréif zur Faaschtenzäit (wie weess nach wat dat as?) 1992: "D'Evangeliséirung muss all Aspekter vum Chrëschtentum nei beliewen." Wéi mer dat gelies haten, hu mer missen nodenken. Virdru war gesot gin, ganz esou wéi de Pol VI. et schrouf: "Evangeliséiere musse mir fir d'éischt äis selwer". Eist Häerz, eist Liewen, d'chrëschtlech Communautéiten. Da géifen all Aspekter vum Chrëschtentum nei belieft: t'Mass an d'Sakramenter, den Unterricht an d'Priedegt, den Déngscht un der Welt, d'Theologie an d'Pastoral. Am Fong eng groussarteg Saach, déi Evangeliséierung, hu mer geduecht. Fir wat si mer nët éischter dropkomm? Nëmme wéi solle mer se upaken? Muss fir d'éischt den Unterricht an d'Priedegt evangeliséiert gin, fir datt mir an eis Kanner et och kënne gin, oder musse fir d'éischt mir evangeliséiert gin, fir datt den Unterricht an d'Priedegt, d'Mass an d'Sakramenter, den Déngscht un der Welt, d'Theologie a d'Pastoral evangeliséiert kënne gin? Et as dat uraalt, onléisbaart Problem vum Hong a vum Ee.

Duerfir wëlle mir eis Verwonnerung doriwwer nët verheemlechen, datt et esou laang gedauert huet, bis d'Lëtzebuerger Vollek evangeliséiert konnt gin. Aus e puer Grënn si mer verwonnert.


JALS in: Publik-Forum

1. Well vu Roum jo erwaard gët, datt eng *Nei*-evangeliséierung lassgoe soll. "An der Neuevangelisierung mögen sich immer mehr Laienkatecheten gut ausgebildet beteiligen" steet um Plakat mat der "Gebetsmeinung für den Monat März 1992". Virwat evitéiert den Här FRANCK den Ausdrock *Nei*-evangeliséierung? Dräizéngmol steet a séngem Bréif "evangeliséieren" an "Evangeliséirung", dovun eng eenzeg Kéier, wou Rieds geet vun däer ***neier*** Evangeliséirung. Interpretéiere mir hie richteg: As hie wierklech der Meenung, d'Lëtzebuerger Vollek wir nach nët evangeliséiert? Wat solle mer dann iewer vun deem Mënsch halen, dee behapt huet, religiounsunterrichtgeschiedegt wiren déi Lëtzebuerger Erwuessen zu 95%? Den Här Äerzbëschof leet der Maria "um Joresdag vun hirer Erwielung zur Patréinesch vun eisem Land dat grousst Uleies vun der Evangeliséierung vum Lëtzebuerger Vollek an hir Hand". Ma da klappt nawell eppes nët. En onevangeliséiert Lëtzebuerger Vollek hätt dach nie d'Maria zur Patréinesch vun séngem Land erwiëlt. Oder as déi Erwielung vläicht selwer onevangelesch?

2. An d'Héiluucht vu Freed si mer gesprongen, wéi mer gelies hun, belieft misste gin "och déi institutionell Strukture vun der Kiirch. An dëse Froen as d'ganz Kiirch vu Lëtzebuerg gefuerdert." Mir sin dervun iwwerzeegt, datt déi "institutionell Strukturen" zu Doud krank sin. Well se dem Evangelium total entgéintstin. Duerfir kënnen se och nët duurch Evangeliséierung nei belieft gin. Zwar gehéiere mir nët zu de neien "diözesane Réit, déi an dësen Deeg forméiert gin", iewer mir sin e Stéck vun däer ganzer Kiirch, déi gefuerdert as, hir Organisatioun ze bauen op déi vum Evangelium virgezeechent geschwësterlech Strukturen. Mir beuurdelen also ganz positiv, datt Evangeliséierung "och déi institutionell Strukture vun der Kiirch" nei beliewe soll. Den 20. Dezember 1991 huet den Här Fernand FRANCK zwar op der Televisioun mat Aplomb behaapt: "D'Kiirch as keng Demokratie!" Mir waren deemools ganz erschreckt. Mir duechten, hien wëllt ausschléissen, d'Kiirch kënnt jeemools eng Demokratie gin. Ma e Journalist vun der *Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek* huet ais Hoffnung gemeet wéi e schrouf, den Här FRANCK hätt onbedéngt Recht, en hätt jo un déi real existéiernd Kiirch geduet, an déi wier nu wiirklech wäit ewech vun all Demokratie. Duerfir freë mir eis, well elo, wou och déi institutionell Strukturen nei belieft solle gin, ka jo kee méi behaapten, déi aal bekannt "Strukturen" kéime vum Härgott selwer, si gin duurch d'Nei-evangeliséierung relativéiert als reng mënschlech, historesch gewuessen Organisatiounsformen. Des hierarchesch a monarchesch Organisatiounsformen konnten sech entwéckele, wéi ganz Europa monarchesch dirigéiert war. Zwar si mer der Meenung, och schons deemools hätten déi hierarchesch a monarchesch Organisatiounsformen zu däer vum Evangelium gefuerderter geschwësterlecher Struktur gepasst wéi d'Fauscht op d'A, mä et as jo ni ze spéit, fir gutt ze maachen. Op jidfer Fall gehéieren demokratesch Organisatiounsformen zur evangelescher Struktur. Mir waarden also drop, datt déi nei diözesan Réit (Pastoralrot, Priesterrot, Laierot) sech duerchsetzen an nët nëmme roden därfe, wat den Här Bëschof beschloss huet, mä mat décidéieren. Et wäert also demnächst an der Lëtzebuerger Kiirch esou gin, datt d'legislativ Gewalt, d'exekutiv Gewalt an t'Riichtergewalt an den Hänn vun dräi verschiddenen onofhängege Grémie leien.

## "Eis Sprooch muss ... echt mënschlech a verständlech sin."

Dora kënne mir dem Här Fernand FRANCK nëmmen zoustëmmen. D"langue de bois" hu mir aarme Schof laang genuch gehéiert. Generalitéiten a Banalitéite si vun de Priedegtstill ais op d'Käpp getroll. Heiansdo och banal Generalitéiten a generell Banalitéiten. "Christus as komm, fir datt mer d'Liewen hun. Dem Mënsch a sengem Siche no Harmonie, no Gléck an no Sënn gët hien eng valabel

Äntwert." Mir kennen eng Onmass Leit, déi bei esou Sätz den Hörer anhänken a sech virhuelen, déi nächst Sonndeger fëschen ze goen. Et sin zwar Sätz, denen hir Wierder si verstin, mä vun denen se nët wëssen, wat se mat hirem konkrete Liewen ze din hun. Aner Sätz sin normale Leit total onverständlech: "Noutwendeg as dat richtegt Ausbalancéieren tëschent dem solidareschen Zouenanerstoën an der subsidiarescher Problemléisung vun ënnen, um Niveau vun eiser nationaler Gesellschaft wéi och vun der europäescher an internationaler Gemeinschaft." Wann een dat do zweemol liest, da kënnt een eventuell derhanner, wat gemengt as. Mä wie liest esou eppes schons zweemol? De Leit gët et an der Houmass virgelies. Dem Ferdy seng Madame Jolybois as ewech vum sonore Bass vun hirem Här, wéi en dat esou schéi virgelies huet. Ma frot se nët, wat den Här sot.

Nët nëmme wéint der "langue de bois", mä wéint dem wat gesot (oder och nët gesot) as, versoë mir eis et nët, den nächste Saz ze zitéieren: "Och muss heibäi, fir en institutionellen Ausgläich ze schafen, en Ekiliber tëschent Autonomie an Zentralléisungen entstoën." Mir hätte bal an d'Hänn geklappt, well mer vergiess haten, datt mer am Kapitel IV: 'Eng mënschewiirdeg Gesellschaft' erëmschwammen, an nët am Kapitel iwer d'Neibeliewung vun den institutionelle Strukturen an der Kiirch. Ma du hu mer weidergelies: "Déi technesch-wirtschaftlech Entwécklung as duurch ethesch Verdéiwung an eis pluralistesch Demokratie duurch Wäertdenken ze ënnermaueren." Jaja. Wie liwwert d'Wäerter, no dene geduecht muss gin? Wie liwwert d'Steemätzer an de Betong, fir déi technesch-wirtschaftlech Entwécklung z'ënnermaueren? Wou kënnt den ethesche Bagger hir, fir an eis pluralistesch Demokratie dat néidegt déift Lach ze bueren? Mir hate gehofft, et géif elo eppes kommen, wou iwwert den Ekiliber tëscht réimeschem Zentralismus a Lëtzebuerger Kiirchenautonomie stéing. Mir haten eis geschnidden. Mir sin beim Verdéiwen an d'Lach getroll, de Beton vun den éiwege Wäerter as iwwert eis gebrätscht. Eise läschte Gedanken: "Aarm Madame Jolybois, si gët erëm nët evangeliséiert."

**E Schof, dat nët méi mää an och nët méi Amen seet. (29.3.1992)**